

Rapport vun der Ëmwelt-Kommissioun vum 28.04.2025

Punkt 1: Presenzen

Present (Quorum 50% , ≥6)	Net present	Observateuren a Experten
Lesch Luc	Vosman Joske (entschëllegt)	
Losch Gilles	Wirtz Pit (entschëllegt)	
Malherbe Louis	Sedrani Catherine (entschëllegt)	
Pesch Serge		
Quazzotti Luca		
Stocco Mauro		
Winandy Tom		
Wirtz Pascal		

Punkt 2: Validatioun vum Rapport vun de Kommissiounssëtzunge vum 10.03.2025

De Rapport vun der Kommissiounssëtzung vum 10.03.2025 gouf unanime ugeholl.

Punkt 3: Bilan Organisatioun Grouss Botz vum 29.03.2025

D'Grouss Botz war och dëst Joer erëm en Erfolleg mat grousser Bedeelegung vun de Bierger aus der Gemeng. Vum Oflaf vun der grousser Botz gouf et näischt ze bemängelen. D'lessen ass och gutt duergaangen sou dass fir d'nächst Joer un der Bestellung näischt muss ugepasst ginn. D'Kommissioun well op dësem Wee dem Gemengepersonal dat dësen Dag

d’Grouss Botz encadréiert huet an deenen déi am Virfeld un der Organisatioun matgeschafft hunn e grouse Merci soen.

Et gouf festgehalen déi nächst Grouss Botz den 28 Mäerz 2026 ze organiséieren.

Punkt 3: Staarkreenétude Gemeng Helperknapp


Esou wei an der Kommissiounssetzung vum 10 Mäerz festgehalen si mir eis op Brouch de Beräich südlech vun der N8 ukucke gaangen.

ANHANG 1: MAßNAHMENKONZEPT

Empfehlung zur Umsetzung der Maßnahme
Maßnahme umsetzbar
Weitere Aktionen erforderlich
Maßnahme nicht umsetzbar

Entscheidungsmatrix	
Empfohlen	
Mäßig empfohlen	
Prinzipiell nicht zulässige Maßnahme	
Maßnahme geht aus anderen Studien hervor	
Weitere Analyse erforderlich	

Maßnahme	Maßnahmenart	Flächenverfügbarkeit / Zutritts-genehmigung	Wechselwirkung mit anderen Problemstellen / Maßnahmen	Entscheidungs-matrix (Risiko-verminderung / Ökologie)	Schadens-minderungspotential [€]	Investitionskosten [€]	Unter-projektion (*1% Invest kosten)
BROUCH							
Br10	Verwallung	A.1.1	?	Pr.Br2-5, Ma.Br11+12+22B			
Br11	Querschnitts- Gefälleänderung	A.3.1	ja	Ma.Br10+22B			
Br13	Verbesserung Bauwerkskonstruktion	A.4.3	ja	Pr.Br2-5			
Br14A-B	Ackerrandstreifen	C.1	?			/	/
Br15A-E	Erosionsschutzstreifen	C.1	?	Ma.Br16		/	/
Br16A-E	Faschinen	C.5	?	Ma.Br15		/	/
Br17A-D	Anbaumethoden	C.3	?	Ma.Br14-16		/	/
Br18	(Re-) aktivierung Rückhaltevermögen	E.5	?			/	/
Br19	Dezentrale Rückhaltemaßnahme	E.1	?			/	/



Hei sinn d' Mesuren BR14 bis BR19 an der Staarkreenétude proposéiert. Eng vun dese Propose sinn d'Erosiounsschutzstreifen. Den Erosiounsschutzstreifen BR15-A gouf vum Bauer scho virun 10 Joer ugeluecht, an hei huet e gutt gesinn dass iwwer diesen Zäitraum op deem ugeluechte Gréngsträifen de Buedem sech oflagert an en neien Déifpunkt nieft dem Gréngsträifen entstanen ass, wou d'Waasser erëm ufänkt mat rappen. Hei wier déi proposéiert Mesure BR19 Dezentrale Réckhalt um Bëschrant net vu Muttwëll. Et gouf och ugemierkt dass bei enger Ëmsetzung vun all de proposéierten Erosiounsschutzsträifen eng Bewirtschaftung vun den Terrainen als Akerland quasi onméiglech mecht. Et wier wünschenswäert méi dezentral Réckhaltungen um Bord vum Bësch virzugesinn do wou d'Waasser aus dem Bësch austrëtt, fir e Maximum u Waasser am Bësch zeréck ze halen.



Am Bësch hu mer festgestallt dass op der Kadasterparzell 802/1987, déi queesch vun enger Griecht duerchzunn ass, des duerch opgestaute Material d'Waasser den Hang erofgeleet gëtt an do en déiwe Gruef ausgespullt huet. Doduerch gëtt d' Waasser bei Staarkreen direkt Richtung d'Felder geleet, amplaz dass et bis an de flaachen Deel vun der Griecht leeft an do zum Deel am Bësch zeréckbehalte gëtt. Hei misst d'Gemeng kucke fir d'Griecht erëm opzemaachen, wat och mat wéineg Opwand ze maache wier.

Griecht op der Parzell 802/1987



Erosionsrill déi vun der Griecht erof kënn

